**DÉCOLLEZ LE DISQUE DE PARKING**

**Actualités et lieux de stationnements à disque**
www.bissen.lu/parking

Eis Servicer stinn lech fir all Är Froen a Kritiken zur Verfügung.
**Myriam Weiten / Tel.** +352 83 50 03-513
**Email** agent@bissen.lu

Nos services se tiennent à votre disposition pour toute question ou critique constructive que vous pourriez avoir :
**Myriam Weiten / Tél.** +352 83 50 03-513
**Email** agent@bissen.lu

Gemeng Biissen

# MYRIAM WEITEN

## nouvel agent municipal / garde champêtre

*\\ MAT LÉIFT AN RESPEKT DUERCH D'GEMENG *




Gemeng Biissen

LUX

D'Myriam huet seng Aarbecht zu Biissen den 1. Juli ugefaangen. Hatt ass geléiert Sekretärin a war ier hat hei an d'Gemeng komm ass bal véierzeng Joer agent municipal an der Stad Lëtzebuerg. De Kontakt mat de Leit dobaussen ass dat wat him u senger Aarbecht am beschte gefält. Seng Aufgab gesäit d'Myriam doran opzepassen, dass d'Leit de Code de la Route anhalen. Oft verstoussen d'Leit ouni béiss Absicht oder souguer ouni et ze wësse géint dësen a bréngen onbewosst hir Matbierger a Gefor. Privat fiert hat gäre Moto, liest a geet an de Fitness.

### Bis den 14. Oktober 2021 : just preventif an informatif

Hei zu Biissen klëmmt d'Bevëlkerungszuel zanter en etlech Joren. Dess Entwécklung ass wichteg a gréisstendeels positiv fir d'Gemeng, mee bréngt awer och e puer Defie mat sech déi mer mussen iwwerwannen: e Mangel u Parkplaatzen, falscht a geféierlecht Stationéieren a Verkéiersverhaale virun allem ronderëm d'Schoul, zougestallten Trottoiren. Aus dëse Grënn huet d'Gemeng Biissen hier Responsabilitéit geholl, e Verkéiersservice gegrënnt an e Agent municipal / Bannhidder agestallt, deen den 1. Juli 2021 seng Aarbecht ugefaangen huet. D'Missioune vun dësem Agent si virun allem preventiv, mee leider wäerte vum 15. Oktober un awer och restriktiv Mesurë géint Leit geholl déi duerch hiert irresponsabelt a respektlos Verhalen d'Rou oder souguer d'Sécherheet vun hire Matbierger op d'Spill setzen.

### Collaboratioun mat der Gemeng Colmer-Bierg

Fir eng Kontinuintéit vum Service ze garantéieren, hunn d'Gemengeréit vu Biissen a Colmer-Bierg eng convention de collaboration ënnerschriwwen. Am Fall vu Krankheet, Congé a vu gréisseren ëffentleche Manifestatiounen oder och nach wärend Nuechtsarbescht, bei där Renfort gebraucht gëtt, kann den Agent municipal seng Fonctiounen zu Biissen exerzéieren an ëmgedréint. D'Agenten si klor un hirer Uniform ze erkennen a weisen lech op Nofro eng Identifikatiounsmarque. Fir d'Zesummenaarbecht ze vereinfachen, hunn d'Gemenge Biissen a Colmer-Bierg hier respektiv règlement général de police harmoniséiert.

## D'MISSIOUNEN VUM AGENT MUNICIPAL SI GANZ ËNNERSCHEEDLECH :

### 1. Sensibilisatioun am Verkéiersverhaale och ronderëm d'Schoul

Näischt ass esou wäertvoll wéi d'Gesondheet an d'Sécherheet vun eise Kanner. Vun der Rentrée scolaire u wäert den Agent municipal ronderëm d'Schoul present sinn, fir all geféierlecht Stationement, Zoustelle vun Trottoiren a Verkéiersverhaalen dat, oft souguer onabsichtlech, d'Wouelergehe vun eise Kanner op d'Spill setzt. An enger éischter Zäit wäert de Rôle vum Agent exklusiv preventiv an informativ sinn.

Op eng méi allgemeng Manéier ginn déi verschidden Usagë vun der Strooss a ganz Biissen op géigesäitege Respekt sensibiliséiert.

### 2. Sensibilisatioun fir de Parking

Wéinst der begrenzter Zuel u Parkplaatzen an der Gemeng wäert op mëttellaang Dauer déi autoriséiert Parkzaiten op verschiddene Parkinge limitéiert ginn. Des Zäite wäerte ganz klor op bloe Panneaue markéiert ginn an d'Chauffeure mussen déi Auerzäit, déi se ukomm sinn, mat engem bloen Disque uginn. Dir fannt des Parkingen och op www.bissen.lu/parking.

Et ass wichteg ze soen, dass d'Gemeng d'Recette vun den «avertissement taxés» wéinst Parkverstéiss net kritt, mee dass dees Suen integral un de lëtzebuergesche Staat ginn.

### 3. Lutte géint Incivilitéiten

Déi verschidde Servicer vun der Gemeng sinn engagéiert, fir dass Biissen e proppert a charmant Duerf ass an dem e sech wëllkomm fillt. D'Awunner droe mat ganzem Häerzen dobäi zou. Mais leider kënnt nach ëmmer zu all Zort vun Incivilitéiten (Drécksdépoten, Kaméidi, etc). A senger Fonction als Bannhidder kann den Agent hei intervenéiere fir des désagréabelt Verhalen ze limitéieren. D'Verhalensreegelen déi e respektéiere muss sinn dem garde champêtre seng Kompetenz a baséieren sech op der Gemeng hiert allgemengt Policereglement.

Eis Servicer stinn lech fir all Är Froen a Kritiken zur Verfügung.

**Myriam Weiten / Tel.** +352 83 50 03-513
**Email** agent@bissen.lu

FR

Myriam a commencé son travail à Bissen le 1er juillet. Avant de rejoindre notre commune, elle a fait un apprentissage de secrétaire et a travaillé presque quatorze ans comme agent municipal pour la Ville de Luxembourg. Dans son travail, elle préfère le contact avec les citoyens. Myriam considère que sa mission est de veiller au respect du Code de la Route. Souvent, les gens ne respectent pas sans mauvaise intention ou même sans s'en apercevoir et mettent en danger leurs concitoyens. Dans sa vie privée, elle aime la moto, la lecture et le fitness.

### Jusqu'au 14 octobre 2021, le rôle de l'agent sera préventif et informatif

Bissen connaît depuis plusieurs années une croissance signifiante de sa population. Ce développement est très important et essentiellement positif pour la Commune, mais comporte aussi des défis à surmonter : manque de places de parking, stationnement et comportement routier incorrects et dangereux surtout autour des écoles, trottoirs encombrés. Voilà pourquoi la Commune de Bissen a pris ses responsabilités et créé un service de circulation et a engagé un agent municipal/garde champêtre qui est entré en fonction le 1er juillet 2021. Les missions de cet agent seront avant tout préventives, mais malheureusement il sera parfois incontournable de prendre des mesures restrictives à partir du 15 octobre 2021.

### Collaboration avec la Commune de Colmar-Berg

Pour assurer une continuité du service, les conseils communaux de Bissen et Colmar-Berg ont signé une convention de collaboration. En cas de maladie, de congé, de festivités publiques d'envergure ou encore lors de travail nocturne nécessitant un renfort, l'agent municipal de Colmar-Berg pourra exercer ses fonctions sur le territoire communal de Bissen et inversement. Les agents seront clairement identifiables grâce à leurs uniformes et vous présenteront sur demande une marque d'identification. Pour faciliter leur collaboration, les communes de Bissen et Colmar-Berg ont adapté et harmonisé leurs règlements généraux de police respectifs.

## LES MISSIONS DE L'AGENT SONT TRÈS DIVERSES :

### 1. Sensibilisation au comportement routier surtout autour des écoles

Dès la rentrée scolaire, l'agent municipal sera donc présent près des écoles pour éviter tout stationnement, encombrement des passages de piétons et comportement routier dangereux qui met, souvent sans s'en apercevoir, en péril le bien-être de nos enfants. Notre agent sera également engagé à réguler la traversée des enfants sur les passages à piétons. D'une manière plus générale, les différents usagers de la route seront sensibilisés au respect réciproque sur tout le territoire de Bissen.

### 2. Sensibilisation au parcage

Suite au nombre limité de places de parcage, les temps de stationnement autorisés seront à moyen terme limités sur certains parkings publics de Bissen. Ces temps seront clairement indiqués sur des panneaux. Les conducteurs devront signaler leur temps d'arrivée moyennant un disque bleu placé visiblement dans le pare-brise de leur véhicule. Retrouvez ces parkings également sur www.bissen.lu/parking .

Il convient de remarquer que l'Administration communale ne percevra pas les recettes des avertissements taxés provenant des contraventions de parcage. Cet argent sera entièrement reversé à l'Etat luxembourgeois.

### 3. Lutte contre les incivilités

Les services communaux sont très engagés pour que Bissen soit une localité propre, charmante et accueillante. Les habitants contribuent de plein cœur à cet effort. Mais, à notre regret, des incivilités de tout genre (dépôts de déchets, nuisances sonores etc.) se font toujours jour. Dans sa fonction de garde champêtre, l'agent pourra intervenir de manière répressive pour limiter ces comportements désagréables. Les règles de civilité à respecter relèvent des compétences du garde champêtre se basant sur le règlement général de police.

Nos services se tiennent à votre disposition pour toute question ou critique constructive que vous pourriez avoir :

**Myriam Weiten / Tél.** +352 83 50 03-513
**Email** agent@bissen.lu